# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°388
JUNI-SEPTEMBER'24

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **70 /230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## LBB goes Eurovision Quiz'24



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJÄLL RÄVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**




* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ............................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..........................................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2023-2024

## Simply present LBB-STAFF for 2023-2024:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)
BOURQUEL Chris (Titan)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
FLAMMANG Adrien (Loup)
WOHLGENANNT Amélie
MILLIM Alex

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SC)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)
ENGLEBERT Lara (Dama)RéserveCH

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu



Hallo Kanner, mir sinn ët, den Yoyo an den Doc Croc. Et ass esou dass mir lauter stark an muteg Wellefcher brauchen déi eis bei eisem Abenteuer hëllefen. Problem deen mir lo awer hun, ass dass mer eis wonnerbart fleihend SimsalaGrim Buch verluer hun an lo mussen mir zeréck an den Märecher reesen fir dass ma eis geléiftend Buch nees rëm fannen. Sidd dir Stark an Muteg genuch ons bei dëser Rees ze hëllefen? Dann mellt ierch lo séier op den SimsalaGrim-Camp un! An nët nëmmen dir sidd do, mee d'Réidener Luchsen sinn och dobai!



**Treffpunkt:** 07.Juni'24 um 18h ob der Gare Centrale Lëtzebuerg
**Retour:** 09.Juni'24 um 18h ob der Gare Centrale Lëtzebuerg

**Praiss:** **50 Euro**
ze iwwerweisen bis den 1.Juni'24,
op de Compte: Lions Bleus - Meute
(IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: SimsalaGrimm + Numm vum Kand

**Waat brauch ech:**
Rucksaack, Schloofsaack, dem Wieder ungepassten Kleeder, Pyjama, Bidon, Biergschung, Foulard, eng Mutz, Wäschsaachen (Zännbicht, Zahnpasta,...), Täschelucht, Gamelle, dem Wëllefchen séng 5 Saachen...

D'Réidener Luchsen


Heimat mellen ech ______________________ main Kand ______________________ um SimsalaGrimm-Camp vum 07.06.-09.06.2024 un & iwwerweisen d'Suen & ginn d'Souche pünktlech oof!



Ënnerschrëft: ______________________



**Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?**
**Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?**
**Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?**
**Awer du bass nët geübt am Kloteren?**
**Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen.**
**Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët verpass!**



**Rendez-Vous:**
den 08.06.2024 um 10h00_Gare de Luxembourg
**Schluss:**
den 08.06.2024 um 17h00_Gare Bettembourg

**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard.
klenge Rucksaack mat:
gefëllte Bidon, Picknick, Sonnecrême, Kaap an vill Motivation :)

**Praiss:**
**25€** , sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den **1.Juni 2024**,
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout

Heimat erlaben ech ............................................................ méngem Scout

................................................................... op der KloterSortie den 8.Juni'24

vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ......................................................



# Sortie Fest vun der Natur

Dëst Joer huele mir iech nees mat op d'Fest vun der Natur!
Mee wat ass dat?
Ma d'Fest vun der Natur ass een Event wou verschidde Stänn an Aktivitéite am Thema Natur sinn. Hei kann een ëmmer ganz flott Saachen entdecken. Vun Déieren Heemelen, Saache Bastelen, bis flott Aufgabe léisen.
Komm mat wa mir eis zesummen als Meute ee flotten Dag um Fest maachen!




**Wéini:** 15.06.2024

**Rendez-Vous:** Samstes, den 15.06. um 14h00 op der Kockelscheuer (bei der Spillplaz)
**Retour:** Samstes, den 15.06. um 17h00 op der Kockelscheuer (bei der Spillplaz)

**Präiss:** GRATIS

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 12.06.2024 !!!

**Waat brauchs du:** Dem Wieder ugepasste Kleeder (Kaap, Sonnencrême), däin Foulard, ee Bidon, déng 5 Saachen ...



Heimat erlaaben ech ....................................................

méngem Wëllefchen ....................................................
den 15.06.2024 op d`Sortie ‚Fest vun der Natur‘ matzegoën

Ënnerschrëft .....................................

# SORTIE | FIR D'BEAVER (BV)

## Léif Beaver,

d'Ganz Joër wor der ëmmer flaisseg mat dobai, hudd gudd matgemaach ... Dofir gët et dann lo och héisch Zait, dat mir eist Fell & Patten mol nees am Waasser bewegen an nët méi nëmmen un Land.

**... Komm och DU mat op eis SchwaamSortie an Syrdll Schwemm ...**

**WEINI?** Samstes, den 29. Juni 2024


**START & RETOUR?** 14Hoo + 18Hoo
Syrdall Schwemm zu Niederanven
(Routscheed, 6939 Senningen)

**PRAISS?** **5€** sinn ze iwwerweisen bis den 15.06.24 op den Compte:
"Les Lions Bleus- Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun "SchwammSortie+ Numm vum Participant"

**SOUCHE?** Ass ofzeginn bis zum 01.06.2024

**WAAT brauchs du ?**
Foulard, Schwammsaachen (Maillot, Schammbox, Schwammkaap, Schwammärmercher, Buedduch, Seef & Shampoo), Bidon mat Waasser, ...







Heimat erlaaben ech ............................................................... méngem Beaver ............................................................. vum 29.06.2024 mat op d'SchwammSortie vun de Lions Bleus deel ze huelen.

Datum & Ënnerschrëft: ...........................................................................



# LEIWEFEST

## OLYMPICS

## 06. JULI

**Wéini?**

*Fir Kanner:* 06. Juli um 16h00

*Fir Famill a Frënn:* 06. Juli um 18h30





**Menu?**

*Entrée:* Casse croute à la Lions Bleus

*Plat:* Bifana um Grill (oder Veggi-Alternativ)

*Dessert:* Kaffi a Kuch





**Präis an Umëlldung?**

25 Euro pro Persoun (Apéro inclus)

Bis den 25. Juni ob

Les Lions Bleus Rover: LU83 0019 4955 9103 3000

Mat der Mentioun: LF24 + Familienumm

Héimat mëllen ech ………………………. gär main BV/LX/SC/EX ……………………….fir d'Léiwefest den 06. Juli un.

Mir wäerten zu…………………….(Kanner + Famill/Frënn) um Léiwefest 2024 deelhuelen an huelen:

…..x Normale Menu (25€ fir Apéro/Entrée/Haaptplaat/Dessert)

…..x Veggi Menu (25€ fir Apéro/Entrée/Haaptplaat/Dessert)

Iergend eng Allergie? …………………………………….

fnel scouts & guides




**Wéi all Joër versammelen sëch nees alleguerten d'Scouten vun der FNEL vu Lëtzebuerg fir d'Scoutsjoër gemeinsam ofzeschléissen.**
**Egal op Beaver, Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover oder Tembo... JIDDEREEN ass WËLLKOMM! Niervt flotte Posten déi d'Kanner maache kënnen, stinn och eng Partie Auszeechnungen um Programm! Dëst Joër ass Thema "Europäesch Bridderlechkeet", wou mir alleguerten Länner feieren, déi zesummen dofir suergen, dat ët Europa iwwerhaapt gëtt! Mëll dëch also séier un, wëll de Pow-Wow ass geschwënn!**

**Wèini & Wou?**
13.-14.Juli 2024 um Kierchbierg bei der Unité Robert Schuman

**Départ?**
**SG/EX**: Samstes_13. Juli 2024 > +/- 13h30 *
**BV/LX/RO/TB**: Sonndes_14. Juli 2024 > +/- 08h30 *
**Retour?**
Fir Jiddereen: Sonndes_14. Juli 2024> +/- 17h00 *
* Déi genee Auerzäit, wéi och Treffpunkte kritt der zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt.



**Material SG/EX:**
Uniform fir um RV, grousse Rucksaack mat: Carrymat, Schloofsaack, Pyjama, Ersatzkleeder, Gamelle/Besteck/Kichenduch, gefëllte Bidon, Wäschsaachen, Täschemesser, Täscheluucht, ...
**Material BV/LX/RO/TB:**
Uniform fir um RV, klengen Rucksaack mat: gefëllte Bidon, dem Wieder ugepassten Kleeder (Kap, Sonnencrême, Reejackett, etc ...)

**Umeldung:** bis spéitstens den 16.06.2024 per Souche/Mail (cg@lionsbleus.lu) & Iwwerweisung.
**Praiss:** **25€** fir de Weekend (**SG/EX/CH)** & **10€** fir d'Sortie (**BV/LX/RO/TB)**
op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)
ze iwwerweisen, mat der Mentioun: POW-WOW'24 + Numm vum Participant




Ech ……………………..………………………………… erlaaben mèngem
Scout/Explorer ............................................... den 13.-14.Juli'24 oder mèngem
Beaver/Wëllefchen/Rover/Tembo ………….........................…… den 14.Juli'24
um **POW-WOW 2024** vun der FNEL deelzehuelen.

………………………………………
Ënnerschrëft vun den Elteren

# SUMMERCAMP

## 2024

"ËMMER DER WANDROUS NO!"

Och eis kléngt Ländchen huet immens vill Iwwerraschungen ze bidden. Eis Ziel wäert et sinn all déi schéin Ecker vu Lëtzebuerg kënnen ze léieren. An do wäerte sécherlech och Plazen dobäi sinn, deits du garantéiert net kenns ;)
Dofir mëllt dech séier un, wann et heescht "Ëmmer der Wandrous no!".




### RDV?

WÉINI? 05. AUGUST

AUERZÄIT? 09H

WOU? GARE CENTRALE

### RETOUR?

Wéini? 10. Auguste

Auerzäit? 17h

Wou? Home LBB

### MATERIAL?

ENG GENAU APAACKSLËSCHT KRITT DIR NACH GESCHÉCKT

MIR WAERTEN OP DER CAMPPLAZ UM NEIHAISCHE SINN

# GR-VERSAMMLUNG | FIR BV/LX/SG/EX/RO/TB



**Et ass nees souwäit!**

**E neit Scoutsjoër steet virun der Dier!**
**Mais dës Kéier leeft alles bëssen anescht! Dëst Joër ass alles op der Kopp! Uewen ass Ënnen an Ënnen ass Uewen! Riets ass Lènks a Lènks ass Riets! D´Enn kënnt am Ufank an den Ufank kënnt um Enn!**

**Wann's och DU dësen aussergewéinlechen verréckten Start NET verpasse wëlls, da mell och DU dëch elo heifir un!**






**RENDEZ-VOUS:**
Den 21. September 2024 um 14:00 am Home Lions Bleus
**SCHLUSS:**
Den 21. September 2024 um 17:00 am Home Lions Bleus

**UN/OOFMELLEN**: bis 8.September 2024.

**WAT BRAUCH ECH:**
dem Wieder ugepasste Kleeder, Kaap & Bidon mat Waasser.


**Selbstverständlech kommen ech an ménger TipTop'er Uniform an Foulard** fir GruppenPhoto :)

**MIR freen eis schon … Är Cheffen**



Ech ............................................................. mellen heimat mäin
Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

..................................................................
fir d'**GruppenVersammlung'24** den **21.September 2024**
zu Bouneweg un.



.............................................
Ënnerschrëft vun den Elteren



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**

Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, déi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



| | |
|---|---|
| **Wèini:** | **05.10. - 06.10.2024** |
| Beaver(BV): | 05. Oktober 24 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB |
| Wellëf(LX): | 05.Oktober 24 um 14h00 beim Home beim Home LBB |
| Start SG/EX: | 06.Oktober 24 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg |
| Schluss LX/SG/EX: | 06.Oktober 24 um 15h00 beim Home LBB |


**Präiss:** **21,00 €**, bis den 22.September 24 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'234Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/Mail op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 22.September 24 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**



Ech ……………………………………………… erlaaben méngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

……………………………………………………………

un der **Montée 2024** vum **05.10.-06.10.2024** zu Bouneweg deelzehuelen.

………………………………………

Ënnerschrëft vun den Elteren



# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 01.06.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 08.06.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 15.06.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.06.2024 | | Mir ginn nët mat op de FAACKELZU |
| 22.06.2024 | | LBB GRILL |
| 29.06.2024 | | SORTIE |
| 06.07.2024 | | LÉIWEFEST |
| 14.07.2024 | | POW-WOW |
| 16.07.-15.09.2024 | | SUMMER-VAKANZ :) |
| 21.09.2024 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 28.09.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 19.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 01.06.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 07.-09.06.2024 | | CAMP |
| 15.06.2024 | | SORTIE (Fest vun der Natur) |
| 22.06.2024 | | Mir ginn nët mat op de FAACKELZU |
| 22.06.2024 | | LBB GRILL |
| 29.06.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 06.07.2024 | | LÉIWEFEST |
| 14.07.2024 | | POW-WOW |
| 16.07.-15.09.2024 | | SUMMER-VAKANZ :) |
| 21.09.2024 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 28.09.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 19.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 01.06.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 08.06.2024 | | SORTIE |
| 15.06.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 22.06.2024 | | Mir ginn nët mat op de FAACKELZU |
| 22.06.2024 | | LBB GRILL |
| 29.06.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 06.07.2024 | | LÉIWEFEST |
| 13.-14.07.2024 | | POW-WOW |
| 05.-10.08.2024 | | SUMMERCAMP |
| 16.07.-15.09.2024 | | SUMMER-VAKANZ :) |
| 21.09.2024 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 28.09.2024 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 19.10.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 01.06.2024 | | EX SORTIE |
| 08.06.2024 | | EX Versammlung |
| 09.06.2024 | | FNEL RO/TB BeachVolleyBall |
| 15.06.2024 | | EX Versammlung |
| 22.06.2024 | | Mir ginn nët mat op de FAACKELZU |
| 22.06.2024 | | LBB GRILL |
| 29.06.2024 | | EX Versammlung |
| 06.07.2024 | | LÉIWEFEST |
| 13.-14.07.2024 | | POW-WOW |
| 05.-10.08.2024 | | SUMMER-CAMP |
| 23.-25.08.2024 | | FNEL TB Hunt'it |
| 16.07.-15.09.2024 | | SUMMER-VAKANZ :) |
| 21.09.2024 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 28.09.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 19.10.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |

# Impressions LBB-QUIZ | ROVER/TEMBO (RO/TB)




# RAPPORT Sortie | MEUTE (LX)

Fir eis Sortie am Kader vum Sensibadge hu mir de Fliger geholl a sinn a Richtung Asie geflunn, méi Präzis an dat wonnerschéint Land Nepal. Fir d'Kultur vun dësem Land besser kënnen ze léieren, si mir vun der Gare aus op Stroossen an d'Home vun de Kiewerléken gefuer. Am Home ukomm hu mir als éischt emol e bëssen dekoréiert. Duerno hu mir zesummen typesch Nepaleesesch / Indesch gekacht. Dofir ass och extra ee Kach aus engem Indesche Restaurant bei eis komm fir eis ze weisen wéi een dat kacht. Zesummen hu mir Chapati gebak a Chicken Curry gekacht. De Kanner huet d'Iessen esou richteg gutt geschmaacht, a si hunn d'Geleeënheet genotzt fir mat den Hänn ze iessen. Si kruten och vun eisem Kach gewise wéi dat richteg geet. Nom Iessen hu mir eis bëssen d'Kultur ugekuckt. Dofir hate mir de Nepal-Koffer ausgeléint. Hei konnten d'Kanner sëch traditionell undoen, Spiller maachen an allgemeng d'Land besser kennenléieren. No dëse flotten Aktivitéiten hu mir nees alles zesummegepaakt an hunn de Bus nees zeréck an d'Home geholl. Ee grousse Merci geet un de Restaurant Appayan zu Zéisseng, fir séng Kachaktivitéit.















# RAPPORT Ouschter-WE | BEAVER (BV)

D'Beaver hunn sëch Samstes moies den 6. Abrëll um Glacis getraff vir déi geklauten Ouschtereeër rëm ze fannen. Vun do aus hu si den Tram an e Bus geholl fir bis op Colpach ze kommen. No engem Mini-Trajet duerch dat klengt Dierfche si si dunn och schonn am Chalet ukomm, wou si e stäerkend Mëttegiesse kruten. Am Nomëtten hu si sëch da konnten amüséieren mat verschiddenen Spiller am Thema Ouschteren an als Collatioun gouf et da souguer Muffins, déi si selwer gebak hunn. Nom Owesiesse gouf dann nach e klengen Jeopardy organiséiert ier d'Beaver alleguer midd an d'Bett gaange sinn.
Sonndes Moies den 7. Abrëll ass ët nom Frühsport a Frühstück direkt lass gaange mam Botzen vum Chalet fir dëse rëm propper ze verloossen. Mëttes hunn sëch Beaver op de Wee gemaach fir enger Schatzkaart nozegoën, déi si iwwert de Weekend kruten. Dës huet si bei e Séi gefouert wou si e klenge Pic-Nic gemaach hunn a schlussendlech och eng Këscht mat all de geklauten Eeër rëmfonnt hunn. Nodeems si sëch déi gedeelt hu war de Weekend och leider scho riwwer an d'Beaver sinn alleguer rëm heemgaang. **Chris / Titan**











# RAPPORT LBB Schaff-Dag | GROUPE (GR)






**SCHAFF-WEEKEND** 27.-28.04.2024

...**FLAISSEG FLAISSEG** soën ech just ...



Ugesaat wor nees e Weekend, an och wann mer nët zu immens vill woren, an de Weekend leider un Manktum vun Léit huet missen gekierzt ginn, hun mer trotzdem een Schaff-Daag draus gemaach. Hei gouf richteg rungeklotzt an keen wor sëch ze Schued séng Fanger knaschteg ze maan ...


**WOW** alt nees en Daag voller POWER, ENERGIE & virunallem LOSCHT eppes ëmzerappen fir eisen Home nees an d'Rei ze setzen.

Eng motivéiert Ekipp vun Cheffen & Comitésmemberen sollten zesummen urappen bei beschtem Wieder....



**MIR** haaten natiirlech nees vill um Ziedel stoën: wéi déi traditionnel Botz & EntretienAarbëschten, Divers Saachen déi gefléckt & geraumt hun missen ginn, den Crepis op der Traap huet onbedingt missen roof, Inventaire vum Material am Container gouf gemaach, e Sondage an der Biowand stoung och um Programmm, hei gouf gekuckt waat drënner ass fir eng spéider Instandsetzung, Alentour-Aarbëschten stoungen un, an an an ...

**MERCIIII** un **Jiddereen** deen do wor an an iirgend-enger Form eng **HAND mat ugepaack huet ;-)**





# RAPPORT FNEL Sixplo | MEUTE (LX)

**Rapport N°1**

Am Samstag haben wir den Bus genommen um am Sixplo von der FNEL teilzunehmen. Da angekommen hat der Direktor gesagt er würde den Zirkus schließen, aber der Clown war dagegen und machte 26 Posten um Geld zu bekommen. Dann haben wir Posten gemacht (z.B. Slackline u.s.w.). Dann haben wir die Mittagspause gemacht. Nach dem Essen haben wir weiter mit den Posten gemacht (selber Jonglierbälle gebastelt u.s.w.).

Am Ende hatte der Clown genug Geld um den Zirkus zu kaufen. Der Direktor war in Wirklichkeit ein Betrüger. Er war gierig nach Geld. Als erster Akt vom neuen Direktor (Clown) kam der stärkste Mann von Luxemburg eine Show machen (biegen von Metall, ein Tisch mit den Zähnen halten).

Wir haben sein Autogramm bekommen. Dann sind wir in den Bus gestiegen und auf der Gare haben wir noch den Badge vom Sixplo bekommen. **Timo**



# RAPPORT FNEL Sixplo | MEUTE (LX)













Wéi all Joers hunn sëch och dësen Abrëll alleguer d'Wëllefcher vum ganze Land getraff fir ee flotten Dag zesummen ze verbréngen.
Dëst Joer huet de Sixplo zu Märel bei den CBDM stattfonnt. Thema wo dëst Joer Zirkus. Moies huet all Grupp flott Aktivitéiten ugebuede wou een als Meute maache konnt. Vu Béchs schéissen, Akrobatik bis Popcorn maache wo alles dobäi! Als Lions Bleus hate mir een Atelier, wou d'Kanner sech verkleede konnten an dann op enger Batsch sech an enger Positioun lee konnten. Vun enger Leeder aus, ass dann ee Bild gemaach gi mat enger Pollaroid. D'Iddi wo eng gespillten 2D Photo ze kreéieren.
Am Nomëtte konnten d'Kanner dunn eng Show vum Georges Christen genéissen. D'Schlaang fir een Autogramm ze kréie wo no der Show verständlecherweis immens laang ??
No der Show wo de Sixplo dunn och leider schonn nees fäerdeg, a mir hunn zesummen de Bus fir zeréck op Gare geholl. **LOUP**









# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)

Mir hunn eis moies um 10 Auer beim Home getraff fir eis Bastel Sortie. Nodeem Jiddereen do war, konnte mir och schonn direkt lass leen. Vir d'éischt hu mir den Deeg vir d'Kichelcher gemaach, den huet duerno missten an de Frigo. Wärenddeems den Deeg am Frigo war, hu mir eis eis Hochbeeter mol ugekuckt a gekuckt wat do da schonn alles wiest. Duerno hu mir nach e puer Tawashi Schwämm gemaach an e puer super cool Spiller gespillt, bevir mir all zesummen zu Mëtteg giess hunn. Nom Mëttegiessen hu mir d'Kanner an 2 Gruppen agedeelt. Déi eng Grupp huet sëch ëm den Design vun den Etikette gekëmmert an ëm de Präis vun de Bastel Saachen. Déi aner Grupp huet d'Kichelcher ausgestach a gebaack. Duerno ware mir nach ob d'Spillplaz e bëssen spillen, bevir de Verkafsstand gestart huet. D'Kanner waren all super houfereg ob hier Aarbëscht an domadder hu mir eng richteg ?ott Zom gesammelt vir déi kennen ze spenden.

**LP Är Beavercheffen**

# RAPPORT FNEL FunDay | BEAVER (BV)





D'Beaver haaten sëch um 10h30 beim Parking getraff fir zaiteg kennen um Rendez-Vous ze sinn. Am Mierscher Park ukomm hunn d'Cheffen eis ugemellt an dunn ass ee grousst Schwanzklappen mat all de Beaver aus deene verschiddene Gruppe gemaach ginn. Dunn konnte mir eis vun 20 Posten ëmmer een eraussichen, dee mir maachen wollten. Vue-que dass d'Thema "Beaverolympiad" wor, waren natiirlech och all Posten am Thema gehalen. Zesumme mat hiren Cheffen hunn eis Beaver Fussball, Hockey, Skilaaf, ee Parcours a villes méi gemaach. Gebastelt hunn eis Beaver och, an zwar a Form vun olympësche Medaillen.

Fir eis vun all deene schéinen an ustrengenden Posten ze erhuelen hu mir dunn nach eng Paus bei der Spillplaz am Park gemaach, bevir ët dann och schonn Zait ginn ass sech rëm am Krees ze versammelen. Mat all de Beaver hu mir dann ee groussen "Awar Awar" gemaach a kruten ee Stéck Kuch. Zum Ofschloss si mir dann all rëm zréck bei de Parking gaangen, wou d'Elteren op hier houfreg Beaver gewaart hunn. **Mankei**







## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

T-SHIRT
&
HOODIE

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€


and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi. Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **29/06/2024** ... 12/10/2024 & SecondHandVerkaaf ...

# DIVERS RO/TB SOUCHEN







# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 09.06.2024 | RO/TB BeachVolleyball |
| 15.06.2024 | Fest vun der Natur |
| 22.06.2024 | Faackelzuch |
| 26.06.2024 | CoGro |
| 05.07.2024 | ScoutsWuppeFest |
| 13.07.2024 | Nuit des Brevets |
| 13.-14.07.2024 | POW-WOW bei den RS |
| 23.-25.08.2024 | TB Hunt'it |
| 16.07.-15.09.2024 | SUMMER-VAKANZ |
| 11.09.2024 | CoGro |
| 14.09.2024 | Ekipp'it |
| 15.09.2024 | Journée des Chefs |
| 16.09.2024 | Rentrée scolaire |
| 17.09.2024 | FNEL AG |
| 18.-20.10.2024 | JOTA-JOTI |
| 26.10.-03.11.2024 | ALLERHELLJEN-VAKANZ |

# ET SCHÉNGT ...

01) dat eis Blo Léiwen Famill am Oktober nees ëm een weideren Member méi grouss wärt ginn.
02) wéi wann eisen Heckencoiffeur séng Aarbëscht sou richteg gudd & an vollem Elan wollt erleedegen.
03) dat um LBB SchaffWE, oh pardon SchaffDaag mat enger ganz klenger Ekipp enorm ëmgerappt ginn ass.
04) wéi wann eisen Klengen Frigo aus der Spullkichen & Kaffismaschinn am Heizungkeller nët futti wiiren.
05) dat eis BV hiiren ‚Projet à long terme' hiir Hochbeeter mat vill Engagement & Motivation ëmgesaat hun.
06) wéi wann Explorer sëch wéi all Joër getraff hun um Raid an SeefekëschtenRennen fir sëch ze moossen.
07) wéi wann ech schon héieren hätt dat eis jonk Chef scho ganz fréi d'Wäissheet mam Läffel giess hätten.
08) dat um PC Panik ausgebrach wor, wéint dem eventuellen Reen an wéint den décken pickegen Mécken.
09) wéi wann een gewëssenen Wollef keng Ahnung an der Thematik vun Horrorfilmer hätt.
10) wéi wann d'Lions Bleus dësen Summer och um RoverWay an Norwegen vertrueden wärten sinn.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) wéi wann de Matti sëch elo schons drop freet nët méi alleng ze sinn an d'Inia&Vari Nowuëss erwaarden.
02) dat de Lynx Chance haat an sëch just liicht de Fanger mat der Heckenschéier huet versicht ze stutzen ;(
03) wéi wann dofir zeguer schwanger Fra'en sëch nët ze schued woren, fir hiiren Deel dozou bäizedroën.
04) dat eisen 2.LocationsResponsablen ‚Yuko' daat erklärt kruut an sou um SchaffWE festgestallt huet.
05) wéi wann dës lo färdeg sinn, an mer Alleguerten gespaant sinn waat do Leckeres erauskommen wärt.
06) dat den MM hiir gëscht nët fonktionéiert hätt, an d'Lions Bleus mat hiirem ‚Christoph' gewonnen hätten.
07) wéi wann daat Zitat "Heiansdo geet ët an heiansdo nët" zum neie Motto vun der Cheffenekipp gehéiert.
08) wéi wann béides Quatsch wor, well keng Drëps Reen gefall wor an d'Pickdéiercher total harmlos woren.
09) dat hien gemengt haat dat deen aalen Klassiker ‚Jucky déi Mäerder Popp' géing heeschen.
10) dat eis zwou jonk Chef, Amélie & Tasha deelhuelen an hei sëcher flott Erfahrungen maan & Input kréien.

# LBB MEMES













# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## juni'24

| Dag | Datum | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | **EX Sortie** |
| **So** | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | **LX Camp** |
| **Sa** | 8 | BV/EX &**SG Sortie**<br>**LX Camp** |
| **So** | 9 | **LX Camp**<br>FNEL RO/TB BeachVolley |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| **Sa** | 15 | BV/TV/EX &**LX Sortie** |
| **So** | 16 | |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | |
| Do | 20 | COMITÉ |
| Fr | 21 | |
| **Sa** | 22 | LBB keen FaackelZuch !!!<br>**>>> awer LBB GrillStand !!!** |
| **So** | 23 | |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | LX/PV/EX &**BV Sortie** |
| **So** | 30 | |

## juli'24

| Dag | Datum | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| **Sa** | 6 | **LÉIWEFEST** |
| **So** | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | COMITÉ |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | FNEL POW-WOW fir SG/EX/RO |
| **So** | 14 | FNEL POW-WOW fir Jiddereen |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | **SUMMER-VAKANZ**<br>**16.07. - 15.09.2024** |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | |
| **So** | 21 | |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | |
| **So** | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | |

**SUMMER-CAMP 05.-10.08.2024**

& FNEL TB Hunt'it 23.-25.08.2024

## september'24

| Dag | Datum | |
|---|---|---|
| **So** | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| **Sa** | 7 | |
| **So** | 8 | |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| **Sa** | 14 | |
| **So** | 15 | FNEL Journée des Chefs |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | FNEL Assemblée Générale |
| Më | 18 | |
| Do | 19 | |
| Fr | 20 | |
| **Sa** | 21 | **GruppenVersammlung** |
| **So** | 22 | |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | COMITÉ |
| Fr | 27 | |
| **Sa** | 28 | BV/LX/TV/EX |
| **So** | 29 | |
| Me | 30 | |

## ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

fnel scouts & guides

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

... Dierf ech mëch fiirstellen... ech sinn de Christoph ... Ginn lo just nach vun den Exploretten schéin verpaack dat se all verblüfft / verknallt sinn an mëch nächste WE :)



*** THATS ALL FOLKS ...**